E puer Gedanken zur Alphabetiséierung

# Bildungsgerechtegkeet brauch Courage!

Jo, vläicht liicht et net direkt jidderengem an. Jo, iwwer Joerzéngte war et net noutwendeg. Jo, d'Schoul huet nieft der Stäerkung an der Preparatioun vun all eenzelem Kand op säi spéidert Liewen och d'Aufgab, d'Gesellschaft zesummenzehalen. A jo, eng natierlech Skepsis bei fundamentale Schoulreformen ass net falsch.

An awer bleiwen ech der fester Iwwerzeegung, datt mer Dausende vu Kanner hire Liewenswee zumindest erschwéieren, wann net souguer staark hypothekéieren, wa mer hei an eisem mëttlerweil kosmopolitesche Lëtzebuerg weider exklusiv op Däitsch alphabetiséieren.

## "Mir hypothekéieren Dausende vu Kanner hire Liewenswee"

Nee, ech wëll kengem eppes ewechhuelen, all déi Kanner, fir déi dat vu Virdeel ass, solle weider op Däitsch kënnen alphabetiséiert ginn. Dat am ganze Land, an all Gemeng, an all Schoul. Kanner awer, déi zu deenen zwee Drëttel gehéieren, déi doheem net Lëtzebuergesch als éischt Familljesprooch schwätzen, wär a ville Fäll mat enger Alphabetiséierung op Franséisch méi gehollef.

Ech erënneren dorunner, datt mer zanter Jore vun der Uni.lu gesot kréien, datt d'Bildungsschéier scho ganz fréi auserneegeet. Jo, schonn am Cycle 3, also kuerz no der Alphabetiséierung, maache sech determinant Leeschtungsënnerscheeder bemierkbar, déi sech an deene meeschte Fäll dono net méi behiewe loossen. Och wësse mer, datt schlecht Leeschtungen an der Schoul, de Retard scolaire an och eng Orientatioun an d'Voie de Preparatioun kloer mat de Familljesprooche vun de Schüler korreléieren. An zwar dräimol zu Ongonschte vun deene Schüler, déi doheem kee Lëtzebuergesch schwätzen. Wëlle mer dat weider einfach esou hinhuelen? Ka sech eist Land dat weiderhi leeschten?

Wat ass da lo besser? D'Kanner fir eng Rei vu Schoulstonnen an der Woch, konkret fir d'Sproochen an d'Mathematik, ze trennen, se fir all déi aner Fächer awer beieneen ze halen an no der Grondschoul zesummen an de Lycée ze orientéieren oder ewéi et haut ze dacks de Fall ass, datt sech hir Weeër no der Grondschoul definitiv trennen? Wa mer un d'Kanner denken an eis doriwwer eraus och éierlech Suerge maachen ëm den Zesummenhalt an eiser Gesellschaft, misst d'Äntwert eigentlech kloer sinn.

Ech denken, datt mer an den nächste Joren dee Schrëtt solle maachen. Nee, ech sinn der fester Iwwerzeegung, datt mir e musse maachen, wa mer eis Schoul der Sproocherealitéit am Land wëllen upassen. Mir mussen dee Schratt och maachen, wa mer wëllen, datt all Kand, dat hei zu Lëtzebuerg opwiisst, säi vollt Potential kann entwéckelen.

Ech wëll, datt mir an Zukunft den Elteren, no enger Opklärung duerch d'Enseignanten, de Choix loossen, ob hiert Kand op Däitsch oder Franséisch alphabetiséiert gëtt.

Zanter 2016 hunn d'Elteren dee Choix an den ëffentlechen Europaschoulen. Mëttlerweil leien déi éischt wëssenschaftlech Evaluatioune vir an déi beleeën, datt d'Kanner onofhängeg vun hirer Mammesprooch an och hirem soziale Milieu sech an engem Netsproochefach ewéi Mathematik besser entwéckelen.

## "Den Elteren de Choix loossen, ob hiert Kand op Däitsch oder Franséisch alphabetiséiert gëtt"

Opbauend op där Experienz teste mer zanter dem leschte Joer d'franséisch Alphabetiséierung a véier verschiddene Grondschoulen am Land. Do léieren d'Kanner liesen a schreiwen op Franséisch, am Cycle 3 kënnt dann dat geschriwwent Däitsch derbäi. All Fächer ausser d'Sproochen an d'Mathematik ginn op Lëtzebuergesch gehalen, fir datt och d'Lëtzebuerger Sprooch der kommender Generatioun vermëttelt gëtt. D'Unterrechtsmaterialie sinn op Däitsch an op Franséisch. Konkret geet et bei deene Pilotprojeten dorëms erauszefannen, wat de Kader vu Formatiounen, Léiermaterialien, awer och vun der Schoulorganisatioun muss sinn, fir den Eltere systematesch an iwwerall de Choix vun der Alphabetiséierungssprooch ze loossen.

De Succès vun den ëffentlechen Europaschoulen dokumentéiert jo kloer, wat de Besoin an eiser ëmmer méi heterogener Bevëlkerung ass. Wann eis ëffentlech Schoul och an Zukunft déi Plaz soll sinn, wou eng Generatioun no där aner zesummewiisst an zesummen op d'Zukunft virbereet gëtt, da musse mer dee Schratt maachen. Och an Zukunft brauche mer déi ëffentlech Europaschoulen als wichteg Ergänzung zu eiser Bildungsoffer. Mee déi eenzeg Äntwert op d'Diversitéit vun eise Schüler kann net sinn, eng ëffentlech Europaschoul no där aner opzemaachen. D'Äntwert muss villméi sinn, datt mer dat, wat d'Stäerkt vun den Europaschoulen ass, nämlech eng vill méi grouss Flexibilitéit am Ëmgang mat de Sproochen, schrëttweis an eise System integréieren, esouwäit et méiglech ass a wann et Sënn mécht. Zanter Joerzéngte gëtt zu Lëtzebuerg iwwer eng Alphabetiséierung op Franséisch diskutéiert.

## "D'Stäerkte vun den Europaschoulen an eise System integréieren"

Dobäi war et ëmmer, an och elo, d'Iddi, den Elteren de Choix ze loossen. Déi eng hätten näischt verluer, déi aner awer vill gewonnen. An nawell konnt sech d'Politik bis haut net dozou duerchréngen. Ech si mer absolut bewosst, datt déi envisagéiert Transitioun eng grondleeënd Reform vun eiser Grondschoul géif bedeiten. Eng Reform, déi zwar mëttlerweil konzeptuell virläit an och grad de Praxistest besteet, déi an de Pilotschoule vun den Enseignanten, den Direktiounen an de Gemengerresponsabel mat Engagement gedroe gëtt, där hir Ëmsetzung eis awer alleguerten, Politik, Administratioun, Gemengen an net zulescht d'Enseignanten, sécherlech wäert erausfuerderen.



Déi leschte Joren hunn ech gespuert, wéi d'Bereetschaft, fir eise Sproochenunterrecht ze flexibiliséieren, ëmmer méi grouss ginn ass. Programmkommissiounen aus der Grondschoul hu kloer gefuerdert „beim Sproochenunterrecht och endlech déi selwecht Méiglechkeete wéi déi ëffentlech Europaschoulen ze kréien". Buergermeeschteren hunn de Ministère opgesicht mam Wonsch, eng ëffentlech Europaschoul an hir Gemeng ze kréien, well déi Offer hirer Populatioun vill besser géif entspriechen. Mat de Pilotprojeten zur franséischer Alphabetiséierung si mir an deene betraffene Schoulen a Gemenge mat oppenen Äerm empfaange ginn. Dobäi huet et sech ëm Gemenge vu ganz ënnerschiddlecher Couleur gehandelt. A souguer an der Chamber huet et vun der Oppositioun geheescht, „mir solle knäipe vun den Europaschoulen, wat do gutt ass". Jo, d'Land ass prett fir dëse bedeitende Schratt. Vill Brécke goufe gebaut, fir deenen ganz ënnerschiddlechen an dacks absolut berechtegten Uspréch gerecht ze ginn. Kucken ech lo awer a sou munche Walprogrammer, muss ech leider feststellen, datt dacks de Courage gefeelt huet, fir sech kloer an däitlech zu dëser dringend noutwendeger Reform ze bekennen.

## "De Walprogrammer feelt de Courage, fir sech kloer zu dëser Reform ze bekennen"

Wa mer gesinn, a wéi engem Mooss eis dynamesch Demografie op der Migratioun baséiert, well grad eist Land, eis Betriber, eis Spideeler, eis Butteker op Aarbechtskräften aus dem Ausland ugewise sinn, an ëmmer weider op méi héich Qualifikatiounen, dann ass et am nationalen Interesse, endlech dee Schratt ze woen an eis Schoul de Kanner unzepassen. Déi sinn nun eebe mol ganz ënnerschiddlech, virun allem, wat hir Sproochen ubelaangt. Ouni dee Schratt bréngen déi vill waarm Wierder iwwer Bildungsgerechtegkeet, déi mer grad an de Walprogrammer liesen, eist Land net weider. Ouni den néidege Courage gëtt et kee Fortschrëtt a kee gerechte Bildungssystem.

**Claude Meisch**
**Minister fir Bildung, Kanner a Jugend**